



**Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois**

**UNIO'N**

Croix de Guerre 1939-1945

Croix de la Résistance

sous le Haut Patronage de S. A. R. le Grand-Duc

Président d'honneur :

S. A. R. Monseigneur le Prince de Luxembourg †

---

S T A T U T E N

---

---

**Unio'n vun de Letzeburger Resistenzler.**  
Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois.

Zwëschen den Héren :

Diederich Pol, Protz, poste Bettborn ;  
Dupont Hippolyte, Professor, Gre'venmächer ;  
Dury Lucien, Députe'erten, Longkecherströss 560, Lëtzeburg ;  
Entringer Jos., Duelem ;  
Dr. Faber Léon, vétérinaire, Miersch ;  
Feyder Victor, attaché vum Ministère de l'Intérieur, Lëtzeburg ;  
Glodt Jean-Nic., commerçant, Woltz ; --  
Jomé Pol, employé privé, Hesper ;  
Klein Nic., commerçant, Escherströss, De'fferdeng ;  
Muller Nico, employé privé, Marie-Adelaïde 32, Lëtzeburg ;  
Osch Alphonse, commissaire général aux dommages de guerre, Lëtzeburg ;  
Schaffner Mich., employé P.T.T., Echternach ;  
Dr. Schreiner Nic., Norbert-Metz-Plätz, Esch/Uelzecht ;  
Steiber Antoine, employé, Dikrech ;  
M<sup>e</sup> Wolter Roger, Députe'erten a Conseiller, Lëtzeburg, Beethovenstr.,  
all vun lëtzeburger Nationalité't, de' de Comité National de la Résistance forme'eren an all de', de' sech  
nach nodre'lech uschle'ssen,  
gët eng association sans but lucratif gegrënnt, ënnert dem Numm

Unio'n vun de Lëtzeburger Resistenzler,  
 Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois,  
 ervirgängen aus der Unio'n, de' den 23. März 1944 vun der Resistenzorganisatio'nen « L.F.B.—L.P.L.—L.R.L. an L.V.L. » an d'Lie'we geruff go'w, a kurz an déne folgenden Artiklen « d'Unio'n » genannt.  
 Hir Membroszuel derf nët ënner 15 goen.

I. — *Sëtz an Dauer.*

**Art. 1.** Den Hâpsëtz ass zu Lëtzeburg, kann ower durch Beschluss vum Delege'ertecongress no enger aner Uertschaft verluegt gin. D'Dauer vun der Associatio'n ass onbegrenzt.

II. — *But.*

**Art. 2.** D'Unio'n erstrie'wt :

- a) de Fortbestand vun engem freien an demokratësche Lëtzeburg ;
- b) d'actif Mathëllef um wirtschaftlechen, sozialen a kulturellen Opbau vum Land ;
- c) d'Erhalong vun der Komrodschaft an der Solidarite't vun hire Membren.

D'Unio'n trëtt an :

- a) fir de' national a patriotësche éducatio'n vum Lëtzeburger Jonktem ;
- b) fir d'Vertrie'dong an d'Verdédegong vun all Intressien vun hire Membren ;
- c) fir d'Rechter an d'Fuerderongen vun de Wittfraen a Kanner vun hire Membren, de' fir d'Hémecht gestuerwe sin.

D'Unio'n hëlleft mat um Ausbau vun enger internationaler Resistenzorganisatio'n, de' de Weltfridden an d'international Verstännegong erstrie'wt.

II. — *Stellung zur Parteipolitik.*

**Art. 3.** D'Unio'n trëtt an fir eng national an demokratësche Politik.

IV. — *Memberschaft.*

**Art. 4.** Member vun der Unio'n kënnen gin :

- a) de' virum 1. Juni 1944 verédegt Membren vun der L.P.L., L.V.L. a vum dem L.F.B. an L.R.L. ;
- b) d'Membren vun aner Resistenzorganisatio'nen, de' virum 1. Juni 1944 organise'ert woren. Des Resistenzgruppen müssen dénen Virbedengongen entspre'chen, de' durch d'Verhandlungen mam Comité national de la Résistance festgeluegt gin ;
- c) all aner Patrioten, de' dem Programm vun der Unio'n voll a ganz zo'stëmmen an de' eng demande beim zo'stännege Sectio'ns-Comité arëchen an de' dorophin vum Sectio'ns-Comité, op Grond vun eigem adequate rapport, dem Comité National de la Résistance virgeschloe gin.

Bei engem refus, décide'ert de Comité National de la Résistance a leschter Instanz.

**Art. 5.** All Member bezillt eng cotisatio'n, de' jährléich vum Comité national de la Résistance festgeluegt gët. Fir 1946 go'w si op 80 Frang fixe'ert, wât als maximum ze considé'reren ass.

**Art. 6.** All Member, dén de patrioteschen a moraleschen Ufuerderongen vun der Unio'n nët entsprecht, oder seng cotisatio'n nët bezillt oder soss én acte setzt, dém dem Usinn vun der Unio'n Schued brengt oder bringe kann, gët vun der Memberlëscht gestrach, sie'w et op Urégong vum Comité National de la Résistance, sie'w et op Urégong vum Sectio'ns-Comité, nodém datt de Member virgelueden a verhe'ert ass gin.

Gët d'Urégong vum Sectio'ns-Comité aus, dann huet dén a Fro kommende Member recoursrecht beim Comité National de la Résistance, dén a leschter Instanz décide'ert.

**Art. 7.** Beim Austrëtt oder Ausschloss vun engem Member verle'ert hien all Urecht un d'Fongen vun der Unio'n. Hie muss sei brassard, seng Memberskart a seng Spengel bei der zo'stänneger Sectio'n ofliwieren a kann dofir keng Fuerderong stellen.

V. — *Gestio'n an Administratio'n.*

Den Delege'ertecongress — de Comité National de la Résistance — den Actio'ns-Comité — de Cantonal-Comité — de Sectio'ns-Comité.

1. *Den Delege'ertecongress.*

**Art. 8.** De' ie'wescht Instanz vun der Unio'n ass den Delege'ertecongress, den we'negstens émol am Joer, an zwar am März, ofgehale muss gin. D'invitatio'nen fir de Congress musse we'negstens 14 Dég viraus verscheckt gin. De Congress kann ausserdém zesummegeruff gin, wann de Comité National de la Résistance et fir onbedengt ne'deg fännt oder wann 3/5 vun der Sektio'nen en Delege'ertecongress tuerderen. An dësem Fall, muss de Congress an Zeit vun 6 Wochen vum Datum un wo' d'Fuerderong gestallt gët, stattfannen.

**Art. 9.** All Sectio'n huet Recht eng Delege'ertenzuel au prorata vun hirer Memberzuel op de Congress ze schecken, an zwar huet eng Sectio'n vun

1—49 Membren,	Recht op	1 Delege'erten,
50—74	»	» 2
75—150	»	» 3
151 an driwer	»	» 4

D'Lëschte vum 31. Dezember vum Joer, dat dem Congress virgët, si bestëmmend.

**Art. 10.** Den Delege'ertecongress kritt ënnerbrët :

- a) de moralesche rapport vum Président ;
- b) den technesche rapport vum secrétaire-général ;
- c) de rapport vum trésorier ;

a befënnt doriwer.

Hie lét weidderhin, op propositio'n vum Comité National de la Résistance, den Actio'nsprogramm fir d'läufend Joer fest an entschëdt iwer all prinzipiell Froen ; hie lét d'directive fest, ënnert dénen d'Unio'nszeidong gelët muss gin.

**Art. 11.** Vum Congress aus gin all Joer 7 Membren an de Comité National de la Résistance gewielt.

D'candidaturen fir dës Membren mussen 10 Dég voll virun dem Congress am Secrétariat vun der Unio'n ageláf sin.

**Art. 12.** De Congress bestëmt eng commissio'n vun de Finanzen vun 3 Membren, de' am Láf vum Joer d'finanziell gestio'n vun der Unio'n z'iwerwächen huet an dem gewenlechen, jährelche Congress d'approbatio'n vum trésorier sengem rapport virschle't oder refuse'ert.

2. *De Comité National de la Résistance.*

**Art. 13.** De Comité National de la Résistance vun der Unio'n bestët :

a) aus déne 7 vum Congress gewielte Membren ; b) aus je engem Cantonal-Delege'erten, den 8 Dég nom Congress durch de' resp. Cantonalréunio'nen, de' zu dësem Zweck ageruff gin, gewielt gët.

**Art. 14.** De Comité National de la Résistance wíelt aus senger Mëtt, fir d'Dauer vun sengem mandat, de Président, de Vice-Président, de secrétaire-général an den trésorier, de' och de' charges an der Unio'n als Ganzt bekleeden.

**Art. 15.** De Comité National de la Résistance ass mat der Lédong vun der Unio'n befásst. Hie muss all Mo'nt we'negstens émol zesummekommen an délibére'ert gältech, wann 2/3 vun senge Membren do sin.

**Art. 16.** De Comité National de la Résistance wíelt all Joer é Comité de rédaction vu 5 Membren, de' aus der Uertschaft sin, wo' d'Zeidong hire Sëtz huet.

**Art. 17.** De Comité National de la Résistance huet all pouvoiren, de' nët statutegeme'ss dem Congress gehe'eren.

**Art. 18.** D'rapport'e vum Comité National de la Résistance gi schrëftlech niddergeluegt a mussen ënnerschriwe gin vun démje'negen, den d'Sëtzong préside'ert, a vum Secrétaire.

**Art. 19.** Wann é Member aus dem Comité National de la Résistance op irgend eng Mane'er ausschëdt, gët hien ersät durch dé Candidat, den nohim de' mëscht Stëmme, sie'w et um Congress — wann et é Member vun déne 7 ass — sie'w et an der Cantonalwal — wann de Member aus de Cantonalwalen ervirgàng ass —



kritt huet. Ass ké Candidat me' do, da bleiwt de mandat op bis zum nächste Congress resp. bis zu de nächste Cantonalwalen.

### 3. *Den Actio'ns-Comité.*

**Art. 20.** Fir de' däglech affairen zu liquide'eren, wie'lt de Comité National de la Résistance enner sech 5 Membren, de' den Actio'ns-Comité vun der Unio'n durstellen an de' we'negstens émol an der Woch zesummekomme mussen. De Président, de Vice-Président, den trésorier an de secrétaire-général gehe'eren d'office dem Actio'ns-Comité un, eso' datt den Actio'ns-Comité aus 9 Membren bestët.

**Art. 21.** Den Actio'ns-Comité erledegt de' lafend correspondenz an ennerbrët dem Comité National de la Résistance all Fall, dén iwer seng competenz gët.

**Art. 22.** D'rapport'e vum Actio'ns-Comité gin an der nämlechter Form ennerschriwen we' de' vum Comité National de la Résistance.

**Art. 23.** Schëdt é Member aus dem Actio'ns-Comité aus, da gët hien automatësch durch én änere Member, dé vum Comité National de la Résistance genannt gët, ersât.

### 4. *De Cantonal-Comité.*

**Art. 24.** De Cantonal-Comité, dén aus jé engem Member vun all Sectio'n aus dém betreffenden Canton an aus dem Delege'erten am Comité National de la Résistance bestet, ass den agent de liaison zwëschen dem Comité National de la Résistance an de Sectio'nen. Am Cantonal-Comité hun och Sëtz de'jeneg Membren, de' aus dem Canton vum Congress aus an de Comité National de la Résistance gewielt go'wen.

**Art. 25.** De Cantonal-Comité huet an sengen attributio'nen d'Virschle' vun de Sectio'nen un de Comité National de la Résistance durchzeschaffen, weiderzeléden oder ze refuse'eren. Hie suergt virun allem dofir den Unio'nsgësch an d'Krichstradio'n vun der Unio'n am Canton he'chzehälen.

**Art. 26.** De Cantonal-Comité gët préside'ert vum Cantonal-Delege'erten am Comité National de la Résistance. De Cantonal-Comité wie'lt aus senger Mëtt é secrétaire fir de' lafend Arbechten z'erlédegen. Vun all réunio'n, de' we'negstens all 3 Me'nt ofgehäle muss gin, gët é rapport un den Actio'ns-Comité agescheckt.

**Art. 27.** Eng Vakanz am Cantonal-Comité gët einfach ersât durch de' nächst Candidatur. Ass keng Candidatur me' fälleg, da bleiwt de mandat op bis zur nächster Wal.

### 5. *De Sectio'ns-Comité.*

**Art. 28.** D'Unio'n ass agedélt a Sectio'nen, de' me'glechst durch de' administrativ Gemengen begrenzt sin.

Un der Spëtz vun der Sectio'n stët de Sectio'ns-Comité, dén all Joer, an zwar virun dem Congress, durch eng assemblée générale vun de Sectio'ns-Membren gewie'lt gët. De Sectio'ns-Comité bestët aus

5 Membren bei enger Sectio'n bis zu	49 Membren,
7 » » » »	vun 50—99 »
9 » » » »	» 100—199 »
11 » » » »	» 200 an driwer.

**Art. 29.** De Sectio'ns-Comité wie'lt enner sech de bureau vun der Sectio'n an ass dem Actio'ns-Comité resp. dem Comité National de la Résistance responsabel fir d'gudd gestio'n vun der Sectio'n.

**Art. 30.** Eng Vakanz am Sectio'ns-Comité gët einfach ersât durch de' nächst Candidatur. Ass keng Candidatur me' fälleg, da bleiwt de mandat op bis zur nächster Wal.

### 6. *Allgemeng Bestemmong iwer d'Chargen.*

**Art. 31.** D'chargen vum Président, Vice-Président, secrétaire-général an trésorier an déne verschiddeenen Comitéen sin E'rechargen. De Comité National de la Résistance ass autorise'ert, fir de' lafend Arbechten z'évaque'eren, eng bureauskräft anzustellen, de' no de Bestëmmongen vum Privatbeamtegesetz rému-nére'ert gët.

VI. — *Statutenännerong.*

**Art. 32.** De Congress, si'ew et dën ordentlechen oder ausserordentlechen, befënnt eleng iwer d'Statutenännerong. All Statutenännerong muss um ordre du jour vum Congress stoen, an ass ugeholl, wann 2/3 vun den Delege'erten sech dofir aussprieche.

Den Text vun der Statutenännerong muss virum Congress, 14 Dég voll, am Bureau vun der Unio'n agelaf sin, anerfalls si nët kann op den ordre du jour gestallt gin.

**Art. 33.** Wann 2/3 vun den Delege'erten nët do sin oder, am affirmative Sënn, 2/3 vun de Stëmme nët errécht sin, gët an Zeit vu 4 Wochen én zwëte Congress ageruff, dé gëlteg, op eintach majorité't hin, délibéré'ert. An dëm Fall kritt all Sectio'n de genée Verläf vum Congress matgedélt.

VII. — *Ople'song.*

**Art. 34.** D'Ople'song vun der Unio'n kann nëmme enner de conditio'nen, de' vir d'Statutenännerong virgesi sin, virgeholl gin.

De Congress, dën d'Ople'song décide'ert, désigne'ert 1 oder mé' liquidateuren a setzt hir pouvoire fest. Den actif net vun der Unio'n gët enger sozialer Institutio'n iwerwisen, de' vum Congress, dën d'Ople'song décide'ert, bestëmmt gët.

Gezéchent : Diederich Pol., Dupong H., Dury L., Entringer Jos., Dr. Faber L., Feyder V., Glodt J. N., Jomé Pol, Klein Nic., Muller Nico, Osch Alphonse, Schaffner Mich., Dr. Schreiner Nic., Steiwer Ant, M<sup>e</sup> Wolter Roger.

Enregistré à Luxembourg, le 26 novembre 1946, vol. 221, fol. 46, case 10. — Reçu 3 francs.

*Le Receveur* (signé) : Gaul.

(180 lignes.) Déposé au greffe du tribunal d'arrondissement de et à Luxembourg, le 29 novembre 1946.

---